



Böschofswuert fir d'Faaschtenzäit 2025

## Am Liicht vun der Hoffnung ännerwee

Pilger vun der Hoffnung, zeng Joer Enzyklika *Laudato si'* a  
400. Jubiläum vun der Tréischterin am Leed

*“Am Land vun de Liewege ginn ech virum Härgott.” (Ps 115)*

Léif Schwëstere a Bridder a Christus,

D'Faaschtenzäit ass eng Zäit vu Besënnung an Ëmkéier, eng wichteg Zäit, fir sech op Ouschtere virzebereeden a sech vun allem ze léise wat iwverflësseg ass. Bereede mir eis elo vir, d'Liicht vum operstanene Christus ze empfänken an un enger versöönter Welt ze schaffen. Am Kader vum Hellege Joer 2025, dat ënnert dem Thema “Pilger vun der Hoffnung” steet, si mir all invitéiert, eis veränneren ze loosse, fir Pilger vun der Hoffnung ze ginn, Acteure fir eng Welt vu Gerechtegheet a Fridden.

Op dësem Wee hält Maria Wuecht iwver eis, wéi Si dat säit 400 Joer mécht. Deemools ass de Jesuittepater Jacques Brocquart mat Schüler vum Kolléisch a Prässessioun mat der Statu vun der Tréischterin am Leed baussent d'Festungsmauere vun der Stad gaangen, fir Hir déi grouss Néit vum Vollek unzevertrauen. Haut froe mir Si net nëmmen, datt Si eis weider beschützt, mee datt Si och eng Quell vun Inspiratioun fir eis konkreet Engagementer ass. Hautdesdaags geet et net nëmme méi ëm d'Nout vu Läif a Séil, gepéngt vu villen Erausforderungen, wéi Hongersnout, Pescht a Krich, mee och ëm d'Nout vun der ganzer Schöpfung. Maria, weis eis de Wee, wann déi villfach dramatesch Realitéit an där mir liewen eis opriff, fir selwer ze tréischten, ze heelen an anerer nees opzebauen.

### Eng Hoffnung, déi nees erwäche muss

Eis Zäit ass dacks markéiert vun Ongerechtegheet, Gläichgültgheet an autoritären Ideologien, déi op eng beonrouegend Manéier zouhuelen. Déi Staark erdrécken, déi Schwaach leiden an eis Äerd selwer käicht ënnert dem Gewiicht vu mënschlechen Exzesser. Op ville Plaze gesi mir de Schiet vun der Muecht an der Dominatioun wuessen, wéi och vum egoistesche Réckzuch op sech selwer. Mir si konfrontéiert mat enger gespléckter Welt, an där d'Stëmm vun de Schwaachen erstéckt an d'Zykle vun der Natur ännerbrach gi vun der renger Sich no Profit.

Den Zesummebroch vun den Ekosystemer, d'Zouhuele vun de Konflikter an d'Ausbeutung vun deene Schwaachen hunn e ganz wesentlechen Impakt op d'mënschlecht Liewen. Déi prophéitesch Enzyklika *Laudato si'*, déi de Poopt Franziskus virun zeng Joer verfaasst huet, rífft eis an Erënnerung: "Alles ass matenee verbonnen." Wann et der Ëmwelt schlecht geet, ass och d'Mënschheet a Gefor. Huet eis Welt déi éischt Berufung vum Mënsch vergiess, fir Wiechter ze sinn an net Raiber? Gott hält net op eis zou ze ruffen: "Wou ass däi Brudder?" (Gen 4,9) Wou ginn déi nächst Generatiounen an den Entscheedunge berücksichtegt? Huet de Kreesch vun der Welt en Afloss op mäi Choix am Alldag?

Wéinst all dësem däerfen d'Chrëschten de Mond net halen. D'Kierch ass opgeruff, nees d'Stëmm vun deenen ze ginn, déi keng méi hunn, en Instrument an en Zeeche vun Hoffnung an enger Welt an Nout. D'Faaschtzäit an dësem Jubiläumsjoer wëll eis hiféieren zu enger Äntwert am Sënn vum Erhalt vun eisem "gemeinsamen Haus", wéi de Poopt Franziskus eis et ëmmer nees an Erënnerung rífft.

### **Maria, Zeeche vun Trouscht a vun Hoffnung fir d'Vollek Gottes um Wee**

Léif Schwësteren a Bridder,

Als Pilger vun der Hoffnung bei d'Tréischterin am Leed kënne mir en neit Gesiicht entdecken: d'Gesicht vun enger Tréischterin vun der Äerd mat all hire Mënschen an Nout. Maria wëll och haut d'Léift vum baarmhärzege Gott viruginn, dee sech jidder Eenzelnem unhëlt an och der ganzer Schöpfung, déi an Nout ass. Si erënnert eis dorunner, datt Gott net bei der mënschlecher Nout an och net bei der Nout vun enger blesséierter Äerd stoe bleift.

Während senger Visitt zu Lëtzebuerg de 26. September d'lescht Joer huet de Poopt Franziskus, Auteur vu *Laudato si'*, eiser Tréischterin d'Gëlle Rous geschenkt, dëst net nëmme fir hir eng peepstlech Auszeechnung ze ginn oder als einfache Gest no baussen. D'Rous steet fir d'Schéinheet. Wéi keng aner Blumm dréckt si d'Schéinheet vun der Schöpfung aus, déi selwer d'Schéinheet vum Schöpfer spigelt. Si ass och dat bescht Symbol fir eng erneiert Léift, déi eis aluet, kreativ ze ginn op engem Wee vun der Dankbarkeet.

### **Am Liicht goen**

Et ass un eis ze iwwerleeën, wéi mir heirobber äntweren. Vläch wa mir un eng Bei denken, déi sech op d'Rous setzt. Dës bescheide Botschafterin vun der Biodiversitéit seet eis, datt all Liewewiesen seng Plaz an der Mëtt vum Gaart vun der Schöpfung huet an datt et ouni Respekt virun dëser Schöpfung keng nohaltege Gerechtegkeet gëtt. D'Bei schafft onermiddlech an an Harmonie mat hirer Ëmwelt. Am Beiestack stellt si en Nektar hier, deen ernäert an heelt. Si produzéiert och de Wuess, deen d'Flam vun der Ouschterkärerz niert, déi den operstanene Christus symboliséiert. Dës Kärerz, e Wierk vun de Beien, gëtt um Ufank vun der Feier vun der Ouschternuecht an d'Kierch gedroen, begleet vum Gesang "Lumen Christi", Liicht vu Christus, Liicht dat Christus selwer ass.

D'Bei léiert eis esou als Kierch vu Jesus Christus d'Gedold vun der gerechter Aarbecht an d'Wichtigkeet vum Zesummeschaffe fir Fruucht ze bréngen. Si rífft eis op, fir d'Logik vun der Zerstäierung a vun der Ausbeutung hannert eis ze loossen zu Gonschte vun der Logik vum klengen Gest, dee sech ëm deen anere këmmert a sech a säin Dëngscht stellt.

Mat Bléck op Maria, d'“Rosa mystica” (*déi mystesch Rous*), déi de gudde Geroch vum Evangelium verbreet, kënne mir eis Aart a Weis fir ze consomméieren a mateneen ze deelen iwwerdenken. Si encouragéiert eis, e weidere Schrëtt a Richtung vun engem méi einfache Liewen ze maachen an der Famill, an der Gemeinschaft, op der Aarbecht an an eiser Fräizäit. Gi mir weider a frouer Bescheidenheet, net aus Zwang, mee aus Iwwerzeegung.

### “D'Hoffnung enttäuscht net” (Pöpst Franziskus)

Kommt, bleiwe mir keng Zuschauer. Dës Faaschtzäit ass de Moment vum Choix: Si mir prett, fir Pilger a Pilgerinne vun der Hoffnung ze sinn?

Maria, d'Tréischterin am Leed, soll eist Engagement am Alldag inspiréieren.

*Laudato si'* soll eist Bewosstsinn an eis Verantwortung fir eis Welt wakereg halen, och no zeng Joer.

D'Jubiläumsjoer soll e wierkleche Changement markéieren duerch en authentesch Glawensakt, zu deem mir als gedeefte Fraen a Männer opgeruff sinn.

Engagéiere mir eis op engem Wee vun integraler Ëmkéier, wou Gebiet an Aktioun zesummeginn, wou eise Glawen u Christus sech ausdréckt an eisen deegleche Choixen. Schenke mir Hoffnung duerch eis Doten.

Ech encouragéieren lech, léif Schwëstere a Bridder, dës Faaschtzäit an der Suite vun der Synod iwwer d'Synodalitéit ze liewen als e Wee vun Ëmkéier am Vertrauen op den Hellege Geescht an esou zesammen un enger Zukunft voller Hoffnung ze bauen.

Lëtzebuerg, de 24. Februar 2025, um Fesdag vum hellegen Apostel Matthias



+ Jean-Claude Kardinol Hollerich  
Äerbëschof vu Lëtzebuerg

---

*Dëst Bëschofswuert ass an alle Gottesdéngrichter vum 1. Faaschtesonndeg virzeliesen.*